

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Bedéngt duerch international Entwécklungen, virun allem de Krich an der Ukrain, awer och d'Covid-Kris vun de leschte Joren, déi e substantiellen Afloss hat, huet d'Industrie a villen europäesche Länner Schwieregkeeten, déi néideg Wueren a Rohstoffer ze bezéien, fir d'Produktioun vun de jeeweilegen Endprodukter. An deem Kontext sinn och d'Liwwerketten dacks ënnerbrach. Och de Bausecteur leit ënnert dësen Entwécklungen. Déi beschriwwen Ëmstänn féieren dacks dozou, datt och den Endverbraucher laang op Servicer oder Produkter waarde muss an datt dës iwwerdeems präislech och nach staark an d'Luucht ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Sinn dem Wirtschaftsministère bis dato zu Lëtzebuerg Fäll bekannt, wou Firmen oder Betriber wéinst deenen uewe beschriwwenen Ëmstänn net méi wéi gewinnt fonctionéiere kënnen?
2. Wa jo, ass d'Regierung iwwert de finanzielle Schued vun deene jeeweilege Firmen oder Betriber am Bild?
3. Gedenkt d'Regierung, dëse Firmen oder Betriber finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen an, wa jo, wéi sollen dës Hëllef konkret ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten